



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 23/07/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

No de massiven Iwwerschwemmungen an der leschter Woch huet d'Inneministesch ugekënnegt, dass d'Warn-App *Gouvalert* während den Onwiederer un hier Grenze gestouss ass. Wéi d'Ministesch op *lessentiel.lu* (21te Juli 2021) zitéiert gëtt, wäert d'App eleng net duergoen an et wëll een de Wee goen an Zukunft d'Handysbenotzer iwwert SMS ze warnen. Kommunikatiouns-Expären an Däitschland rode schonn zënter de 90er Joer, fir Warnunge per *Cell-Broadcast* un d'Leit ze schécken. Een Artikel op *tagesschau.de* vum 20te Juli 2021 erkläert de *Cell-Broadcast* a kuerze Wieder esou:

*"Das ist wie ein Streuschuss an alle Geräte im Empfangsbereich eines Mobilfunkmastes." Auf diese Weise können Menschen in einer bestimmten Region zielgenau mit Warn-Hinweisen versorgt werden.*

Firwat de *Cell-Broadcast* eng nätzlech an effektiv Informatiounsmethod an Alternativ zu de Warn-Apps ass, kritt een op am Artikel *"Notfallwarnung im Mobilfunknetz + Cell Broadcast"* ganz gutt erkläert:

*Fakt ist, dass alle digitalen Mobilfunkstandards seit GSM/2G, d.h. seit 1991 die Möglichkeit mitbringen, effizient, schnell und datensparsam alle Nutzer (einer bestimmten geographischen Region) mit sogenannten broadcast Nachrichten zu informieren. Diese Technik, in GSM/2G genannt Cell Broadcast (oder auch \_SMSCB\_), unterscheidet sich Grundlegend von allen anderen Kommunikationsformen im Mobilfunknetz, wie Anrufe und herkömmliche SMS (offiziell SMS-PP). Anrufe, SMS und auch mobile Paketdaten (Internet) werden immer für jeden Teilnehmer individuell auf ihm zugewiesenen Funkressourcen übermittelt. Diese Ressourcen sind beschränkt. Es können in keinem Mobilfunknetz der Welt alle Teilnehmer gleichzeitig telefonieren, oder gleichzeitig SMS empfangen.*

*Stattdessen benutzt Cell Broadcast - wie der Name bereits unmissverständlich*



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

*klar macht - einen broadcast, d.h. Rundsendemechanismus. Eine Nachricht wird einmal gesendet, benötigt also nur eine geteilte Ressource auf der Luftschnittstelle, und wird dann von allen Geräten im Empfangsbereich zeitgleich empfangen und dekodiert. Das ist wie UKW-Radio oder klassisches terrestrisches Fernsehen.*

*(Quelle: <https://laforge.gnumonks.org/blog/20210719-smscb/>)*

Wann et ëm den Dateschutz ugeet, ass de Cell-Broadcast de Warn-Apps souguer virzezién:

*Da die Warn-Nachrichten pauschal an alle in einer Funkzelle eingewählten Geräte geschickt werden, müssten diese dafür "weder adressiert oder anhand ihrer Telefonnummer identifiziert werden", heißt es von der Telekom. Datenschutzbedenken könnten somit ausgeräumt werden. Auch aus Sicht von IT-Sicherheitsexperten fallen keine personenbezogenen Daten an: "Es ist die datenärmste und damit empfehlenswerteste Umsetzung einer Warn-Meldung." (tagesschau.de, 20te Juli 2021)*

Dëst natierlech ënnert der Bedingung, dass den Zougrëff op Cell-Broadcast géint béiswëlleg Ugrëffer geschützt gëtt, wat awer mat der entsprechender Authentifizierung technesch méiglech ass.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung de *Cell-Broadcast* an noer Zukunft implementéieren? Falls nee, firwat net?
2. Firwat gouf de *Cell-Broadcast* bis elo nach net hei am Land implementéiert?
3. Wéi laang schätzt d'Regierung, dass d'Mise en Place vun esou engem System géif daueren?
4. Wat wär den eventuelle Käschtepunkt? Wéi vergläichen sech d'Käschte vun esou engem System mat de Käschte vu *Gouvalert*?
5. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass de *Cell-Broadcast* an Apps wéi *Gouvalert* sech ergänze kënnen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

